piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Am Kader vun enger Reklamatioun beim Ombudsman ass et zu engem alarméierende Fall komm, wou d'Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) net nëmmen eng gréisser Verzögerung beim Ausbezuele vun enger Altersrente verursaacht huet, mee och falsch Informatiounen iwwert de Statut vun enger Iwwerweisung ginn huet. E Bierger, deen sech am Ausland ophält, huet säi Certificat de vie agereecht. Nodeems d'CNAP dëst Dokument kritt huet, gouf him matgedeelt, datt d'Ausbezuele vun der Pensioun eréischt Enn November 2025 géif erfollegen. Wéi d'CNAP dem Ombudsman e Beweisstéck vun enger Iwwerweisung vum 19. November 2025 virgeluecht huet, huet sech erausgestallt, datt et sech nëmmen ëm en Optrag fir eng Iwwerweisung gehandelt huet, déi awer nach net gemaach gouf. De Bierger huet méi wéi 5 Schaffdeeg méi spéit eng Bestätegung vu senger Bank kritt, datt tatsächlech keng Iwwerweisung ukomm ass. Dës Situatioun huet fir de betraffene Bierger, deen sech am Ausland ophält, zu extrem schwieregen Ëmstänn gefouert: hie konnt seng Rechnungen net bezuelen an ass just mat Hëllef vun engem Frënd an der Lag gewiescht, fir sech mat dem Noutwendegsten ze versuergen. D'Verzögerung huet zousätzlech zu Strofzënse gefouert. Besonnesch problematesch ass, datt d'CNAP falsch Renseignementer un den Ombudsman ginn huet, andeems se dem Ombudsman eng Iwwerweisungsbestätegung virgeluecht huet, déi net der Realitéit entsprach huet. Dëst ënnergrueft net nëmmen d'Vertraue vun de Bierger an dës ëffentlech Institutioun, mee och d'Aarbecht vum Ombudsman.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat fir Moossname wäert d'Regierung huelen, fir sécherzestellen, datt d'CNAP korrekt an transparent Informatiounen iwwert de Statut vun Iwwerweisungen un d'concernéiert Bierger an un

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

de Ombudsman liwwert?

2. Wéi wäert d'Regierung garantéieren, datt Renten, no der Receptioun vun erfuerderlechen Dokumenter, ouni ongerechtfäerdegt Verzögerung ausbezuelt ginn, besonnesch fir Bierger am Ausland, déi op dës Suen ugewise sinn?

3. Aus wéi engem Grond notzt d'CNAP net d'Méiglechkeet vun "Virements instantanés" (Direktiwwerweisungen), fir sécherzestellen, datt fälleg Renten direkt un d'Empfänger iwwerwise ginn?

4. Plangt d'Regierung eng Iwwerpréiwung vun de Prozedure bei der CNAP, fir solch Feeler an der Zukunft ze verhënneren?

5. Firwat musse Persoun, bei deenen erfuerderlech Pièců gefeelt hunn, bis zum nächsten Termin waarden, fir hir Pensiounen ausbezuelt ze kréien amplaz se direkt no Erareeche vun de Pièccen auszebezuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten